# d'Peffermillen



Den Educatiounsministär schéngt wölles ze hun, neess e Prozess um Verwaltungsgeriicht ze verléieren. Am Gesetz iwwert di neie Proffe-Kandidate steet, dass si vum Dag vun hirer Nominatioun un 18 Méint Zäit hu, fir mat Erfolleg hiren ,travail de candidature' (eng wëssenschaftlech Aarbecht) ze presentéieren. Di éischt Rëtsch vu Kandidate, di den 1. Februar 2001 vereedegt goufen, kruten awer vum Ministär geschriwwen, si sollten hir Aarbecht bis Mee 2002 ofgin: dat si nëmme gudd 15 Méint. A wann ee weess, wéi am Schoulstress all Dag zielt, ass dat eng ganz zolitt Verkierzung vun der gesetzlecher Frist. D'Uersaach ass anscheinend, dass soss misst de Jury an der Vakanz (tëscht dem 15. an dem 31. Juli) di Thes liesen an zesummekommen. Steet deene Leit hir Vakanz iwwert dem Gesetz? Wa jo, da soll de Ministär kucken, dass di Kandidaten eben éischter vereedegt gin, well 18 Méint sin 18 Méint.

**m.p.**

An der kathoulescher Kierch zu Lëtzebuerg gëtt anscheinend eng grouss Reform vun de Poren virbreet. An d'Plaz vun territoiriale Pore – di allerdéngs per Gesetz festgeluegt sin! – kéime pastoral Gemeinschaften. Dat kann een an der *Wissbei. Zäitschrëft fir chrëschtlech Gemeinschaft* (Nr. 69/30.7.2001) liesen. De Koschter freet sech, wisou eng sou fundamental Reform nët méi an der Öffentlechkleet, och an der kathoulescher Press diskutéiert gëtt, oder sollen di Reform neess just vun uewen décidéiert gin an dann d'Kierchevollék iwwerraschen? Dee Mangel un Informatioun schéngt och bei de Porréit ee vun den Haaptkritikpunkten ze sin. Ënner deenen Ëmstänn stin d'Chance schlecht, dass déi Reform ka réusséiren.

**m.p.**

Dass Majoritéitsparteien an Oppositioun sech mol eng Kéier eens sin, dass de Projet fir e neit Geriichtsgebei keng wieder Verspéidung soll kréien, ass liicht ze verstoen; de Koschter weess säit bal 40 Joer, dass di aktuell Gebeier vill ze kleng an de Besoinë net ugepasst sin. Dass di kommerziell Presse vergësst, dass *forum* schon an der Nummer 188 vun Dezember 1998 en zolitten Dossier mat Pro a Contra zu dene Pläng vun de Gebridder Krier publizéiert an d'Fro nom Impakt op d'UNESCO-Schutzzon gestallt hat, ir de Projet an der Chamber gestëmmt gouf, ass de Koschter gewinnt. Wann awer di gréisst Oppositiounszeitung mengt, di demokratesch Spillregele wären a Gefor, well elo den Avis vun zwee UNESCO-Fachleit d'Wiel vum Helleg-Geescht-Platto a Fro stellt (t, 7.8.2001), versteet de Koschter d'Logik net méi, et sief dann dee Journalist wëllt dem fréiere Bauteminister seng Käschten aus dem Feier huelen. De Koschter géif et nämlech normal fanne, wa fir d'éischt géif (aus geologescher wi aus historescher Siicht) gepréift gin, ob e Site iwwerhaapt a Fro kënnt, ir ugefaang gëtt mat plangen, da bräicht net eng Décisioun vum Parlament ëmgestouss ze gin an da géifen och net ëmsoss 39 Millioune un Architekten a weider 36 Millioune fir aner Käschte bezuelt gin, di méiglecherweis näischt bréngen. Soll éieren di heiteg Bauteministesch sech och dann un dat gestëmmte Gesetz halen an um Hellege-Geescht baue, wann och dee geologeschen Avis vun der Lécker Uni negativ ausfällt?

De Riichteren an Affekoten hir Haltung, d'Geriichter missten onbedéngt an der Alstad bleiwen, grenzt hirersäits u Fetichismus, wann een di kuerz Distanze kennt, di zu Lëtzebuerg üblech sin. Firwat muss dowéinst d'Alstad oder op d'mannst hir Silhouette zerstéiert gin? Kënnt sech d'Verwaltungsgeriicht, dat schon am klenge Kueb sëtzt, éieren am Exil vir? Kënnt e Kompromiss nët dora bestoen, dass een d'Iewescht Geriicht (dat eenzegt, dat direkt mat Regirung a Parlament ze din huet) am Palais Berlaymont (deem ale Geriichtsgebei) léisst, a fir all di aner Instanzen eng nei Cité judiciaire op der Stäreplaz, zu Hollerech oder um Kierchbierg baut?

Schliislech bedauert de Koschter, dass d'UNESCO net ëm hir Meenung gefrot gin ass beim Bau vun engem neie Musee um Fëschmaart. Entsprecht déi modern Architektur den Oplagen, di an deem Secteur gëllen, deen déi Kéier net nëmmen zur ,zone tampon' mä zum Kär vum ,Patrimoine mondial' gehéiert?

Di ganz Diskussioun erlaabt awer och eng aner Conclusioun, di de Koschter scho 1995 geäussert hat: Wat soll dee Label ,Patimoine mondial' fir ons Alstad, déi een dach mam beschte Wëlle nët ka mat Akropolis oder Tempel vun Angkor vergläichen. Geet et hei net jhust em touristesch Propaganda an em en Denkmal, dat e puer Beamte sech wollte setzen? Da kann ee sech natierlech och bei der éischtbeschter Geleënheet iwwert di Oplagen ewegsetzen.

**m.p**